B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

3 4

# Léisungen

# Widderhuelung 3-4

# Léisungen Widderhuelung

## Lauschteren Säit 80+81



*1. Lauschtert d'Extraiten aus de Gespréicher. Ëm wat geet et? Notéiert d'Theema.* 100-105

1. Persoun vermësst
2. Accident duerch Wëllschwäin
3. Stau wéinst Schantjen
4. Hond fortgelaf
5. ze héich Vitesse
6. Brandstëftung

*2. Lauschtert d'Extraiten aus den Noriichten. Wat fir eng Noriicht passt bei wat fir e Gespréichsextrait aus der Übung 1? Schreift d'Zuel vum Gespréich bei de Buschtaf.* 106-111

A 3
B 4
C 1
D 5
E 6
F 2



*3. Lauschtert d'Fait-diversen an äntwert op d'Froen.* 112-114

**Deieren Tablo geklaut**

1. D'Proprietäre vun der Villa waren doheem, wéi den Abroch geschitt ass.

A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Et gëtt net gesot.

2. Firwat war d'Police séier op der Plaz?

A. ☐ D'Police ass grad laanscht d'Villa gefuer.
B. ☐ D'Villa hat eng Alarmanlag.
C. ☒ D'Noperen hunn d'Police geruff.

3. Wéi hunn d'Täter ausgesinn?

A. ☐ Si ware jonk an haten e Brëll op.
B. ☐ Si ware jonk an haten däischter Hoer.
C. ☒ Si haten däischter Kleeder an eppes um Kapp.

---

**Ouerrank verluer**

1. Wien huet de Verloscht vum Bijou bei de Medie gemellt?

A. ☐ D'Persoun, déi de Bijou fonnt huet.
B. ☒ De Presseservice vum Haff.
C. ☐ D'Prinzessin selwer.

2. Wéi gesäit de Bijou aus?

A. ☒ En huet d'Form vun enger gëllener Blumm mat engem bloe Steen.
B. ☐ En huet d'Form vun enger bloer Blumm mat engem gëllene Steen.
C. ☐ En huet d'Form vun enger gëllener Blumm an engem bloe Rank.

3. Firwat ass de Bijou sou wäertvoll? Nennt zwee Grënn.

a. **Ierfstéck, emotionale Wäert,**
b. **Gold, Saphir**

4. Wien de Bijou fënnt, kritt Suen als Belounung.

A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Et gëtt net gesot.

**Accident op der N2**

1. Den Accident ass am Rond-point Iergäertche geschitt.

A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Et gëtt net gesot.

2. Wéi ass den Accident geschitt?

A. ☐ E Gefier ass un d'Rutsche komm a frontal an eng Camionnette gerannt.
B. ☒ Eng Camionnette ass op d'Géigespuer geroden an huet do en Auto frontal ze pake kritt.
C. ☐ En Auto ass beim Iwwerhuele frontal an eng Camionnette geknuppt.

3. Wat fir eng vun dëse véier Aussoen ass falsch?

A. ☐ Déi zwee Chauffere ware schwéier verletzt a koumen an d'Spidol.
B. ☐ De Rettungshelikopter an eng Ambulanz waren op der Plaz.
C. ☒ D'Chauffere sinn allen zwee aus dem Auto geschleidert ginn.
D. ☐ Duerch den Accident ass e laange Stau entstanen.

*4. Lauschtert de Reportage iwwert den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg an äntwert op d'Froen.* 115

Fro 1:
Vun all de Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, wunne manner wéi d'Hallschent zu Lëtzebuerg.

A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Dat gëtt net gesot.

Fro 2:
Déi meescht Frontaliere

A. ☐ si Belsch.
B. ☐ sinn Däitscher.
C. ☒ si Fransousen.

Fro 3:
D'Post ass dee gréissten Employeur zu Lëtzebuerg.

A. ☒ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☐ Dat gëtt net gesot.

Fro 4:
Wat kann ee mat den Iwwerstonne maachen?

**D'Iwwerstonne ginn entweeder extra bezuelt oder et kann ee sech en aneren Dag e puer Stonne fräi huelen.**

Fro 5:
Nennt dräi Beruffsgruppen, déi och sonndes schaffen.

**Restauratioun, Vente, Police, Klinick**

Fro 6:
Wien huet bezuelte Congé zegutt?

A. ☒ All d'Salariéen
B. ☐ Salariéë mat engem feste Kontrakt
C. ☐ Salariéen an Net-Salariéen

Fro 7:
Nennt dräi Fäll, wou een e spezielle Congé ufroe kann.

**Pacs/Bestietnes, Stierffall an der Famill, Gebuert, Plënneren**

Fro 8:
Weltwäit hunn d'Leit an Estland dee meeschte Congé.

A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Dat gëtt net gesot.



# *Liesen* Säit 82+83

*2. Liest d'Sätz. Ass dat richteg a wou steet dat am Artikel?*
*Markéiert d'Plaz am Text a verbessert déi falsch Aussoen.*

1. D'Police huet der Madamm Holtz hirem Mann geroden, d'Léisegeld net ze bezuelen.
**Richteg. Am Text steet: D'Enquêteuren hunn der Famill awer ofgeroden, d'Suen ze bezuelen.**

2. D'Police weess natierlech, wou d'Fra ass a wie si festhält.
**Falsch. Am Text steet: Vun der Fra feelt bis elo nach ëmmer all Spuer.**
**D'Police ass sech net sécher, ob d'Fra iwwerhaapt vun deene Leit festgehale gëtt, déi d'Léisegeld elo froen.**

3. Fir d'Madamm Holtz, déi schonn zënter dräi Méint verschwonnen ass, gouf elo e Léisegeld gefrot.
**Richteg. Am Text steet: Wéi d'Police vu Genf och matdeelt, gouf eng Zomm vun 12 Millioune Schwäizer Frang, also ongeféier zéng an eng hallef Milliounen Euro, fir d'Fräiloosse vun der Fra gefrot.**

4. Der Madamm Holtz hire Mann ass e räichen Immobilienhändler.
**Richteg. Am Text steet: Bei der Entféierter handelt et sech ëm d'Fra vum Viktor Holtz, engem Millionär vu Genf. Hien huet seng Suen an der Immobiliebranche verdéngt a säi Verméige gëtt op ronn zwou Milliarden Euro geschat.**

5. Et ass sécher, datt d'Fra nach lieft.
**Falsch. Am Text steet: Bis elo krut den Här Holtz nach kee Liewenszeeche vu senger Fra.**
**Allerdéngs gëtt et och keen Hiweis, datt d'Madamm Holtz net méi lieft.**

6. Warscheinlech ass d'Fra aus hirem Haus an der Schwäiz entféiert ginn.
**Richteg. Am Text steet: Wéi et schéngt, gouf d'Madamm Holtz aus hirem Haus zu Yvoire, engem klengen Duerf bei Genf, entféiert.**

*3. Liest den Artikel a kräizt déi richteg Äntwert un.*

1. Ufanks September gëtt an deem Geschäft ëmmer den Inventaire gemaach.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch

2. Wéi d'Police koum, waren d'Täter scho fort.
A. ☒ Richteg
B. ☐ Falsch

3. D'Täter hu just Sue geklaut.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Dat steet net am Text.

4. Zu Lëtzebuerg geschéie vill esou Abréch.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Dat steet net am Text.

5. D'Police kennt dës Abriecher schonn.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch

6. D'Abriecher si gefilmt ginn.
A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Dat steet net am Text.

# Liesen - Schreiwen Säit 88+89

*1. Liest den Text. Wat fir Informatioune kritt Dir zu den Theemen A–E? Ënnersträicht am Text.*



Theemen:
A. beruffleche Parcours (gréng)
B. Aarbechtszäiten (rout)
C. Pausen (blo)
D. Schwieregkeete vum Beruff (giel)
E. positiv Aspekter vum Beruff (gro)

De Marcel schafft zënter 20 Joer als Infirmier. Seng Aarbecht mécht him Spaass, och wann Infirmier e Beruff ass, deen esouwuel kierperlech wéi och psychesch immens ustrengend ass. Dem Marcel war et ëmmer wichteg, mat kranken oder verletzte Persounen ze schaffen an hinnen ze hëllefen. Hien ass der Meenung, datt all Patient eng gutt Betreiung verdéngt. Als Infirmier muss een awer och léieren, eng gewëssen Distanz zu senge Patienten opzebauen an net all d'Ängschte vun de Patienten u sech erunzeloossen. Dat ass ganz wichteg, fir sech virun Iwwerlaaschtung ze schützen. Do muss all Infirmier seng eege Strategie entwéckelen.

Am Ufank huet de Marcel an der Urgence geschafft, mee dunn ass hien an den Operatiounssall gewiesselt an ass Operatiounsassistent ginn. Am Operatiounssall gëtt ronderëm d'Auer operéiert, esou datt hien och do op Schichte schaffe muss. Virun allem déi Deeg, wou hie 24 Stonne laang Permanence huet, sinn ustrengend. Wärend der Permanence muss hien am Spidol schlofen an e kann zu all Moment geruff ginn. Wann eng Operatioun ugeet, da weess keen, wéi laang se dauert oder ob et Komplikatioune ginn. Heefeg dauere se zimmlech laang an et kann ee keng Paus maachen, egal wéi midd een ass. Dat Gutt ass awer, datt een no enger Permanence zwee Deeg fräi huet. Déi zwee Deeg brauch een och, fir sech nees ze erhuelen.

Dem Marcel seng Aarbecht besteet net nëmmen aus dem Assistéiere bei Operatiounen. Hie muss ausserdeem den Operatiounssall virbereeden a sech och no den Operatiounen nach ëm d'Patiente këmmeren. De Marcel verbréngt awer och e groussen Deel vu senger Aarbechtszäit um Computer, well alles dokumentéiert muss ginn. Doduerch geet vill Schaffzäit verluer, déi de Marcel léiwer géing notzen, fir mat de Patienten ze schwätzen a si ze berouegen.

Seng normal Aarbechtszäite wiesselen tëschent der Fréischicht vu sechs Auer moies bis hallwer dräi mëttes, der Mëttesschicht vun zwou Auer mëttes bis hallwer eelef owes an der Nuetsschicht vun zéng Auer owes bis hallwer siwe moies. Fir d'Schichte gëtt et e Plang an do steet genee dran, wie wéi eng Schicht schaffe muss a wie wéini Paus huet. Op Schichte schaffen huet Vir- an Nodeeler. D'Nuetsschicht gëtt zum Beispill ganz gutt bezuelt. Wann ee Mëttesschicht huet, kann ee moies ausschlofen a bei der Fréischicht ass ee schonn am fréie Nomëtteg mat der Aarbecht fäerdeg. Et muss een awer och soen, datt d'Schichten en Impakt op de Rhythmus vum Kierper hunn an datt mënschlech Relatiounen och net ganz einfach sinn, zumools wann de Partner net op Schichte schafft oder wann ee Kanner huet. Do ass vill Organisatioun gefrot, fir genuch gemeinsam Zäit matenee verbréngen ze kënnen.

## *2. Liest den Text nach eng Kéier an äntwert op d'Froen.*

1. De Marcel huet säi Beruff gär,

A. ☐ well hien esou kierperlech fit bleift.
B. ☒ well hie sech gär ëm seng Patiente këmmert.
C. ☐ well hie vill verdéngt.

2. Permanence heescht: 24 Stonnen

A. ☐ telefonesch erreechbar ze sinn.
B. ☐ ouni Ënnerbriechung am Operatiounssall ze sinn.
C. ☒ am Spidol asazbereet ze sinn.

3. Et gëtt am Viraus fixéiert, wéi laang d'Operatiounen daueren.

A. ☐ richteg
B. ☒ falsch
C. ☐ Dat steet net am Text.

4. Duerch wat verléiert den Infirmier vill Zäit?

A. ☐ Schwätze mat de Patienten
B. ☐ Virbereede vum Operatiounssall
C. ☒ Administrativ Aarbecht

5. Dem Marcel seng Schicht wiesselt all Woch.

A. ☐ richteg
B. ☐ falsch
C. ☒ Dat steet net am Text.

6. Wat si Virdeeler vun der Schichtaarbecht?

Nennt 3 Saachen.

**D'Nuetsschicht gëtt gutt bezuelt.**
**Wann ee Mëttesschicht huet, kann ee  moies ausschlofen.**
**Bei der Fréischicht ass ee schonn am fréien Nomëtteg mat der Aarbecht fäerdeg.**


7. Wat sinn Nodeeler vun der Schichtaarbecht? Nennt 2 Saachen.

**Impakt op de Rhythmus vum Kierper**
**schwiereg fir mënschlesch Relatiounen**
**verlaangt vill Organisatioun**

# Lauschteren – Liesen – Schwätzen – Schreiwen Säit 90+91

## *1. Lauschtert de Reportage an nummeréiert d'Theemen der Rei no.* *116*

1 Aleedung
4 europäesch Statistiken
7 Conclusioun
2 Grënn fir Schlofproblemer
3 Marché vun Aschlofhëllefen
5 déi verschidde Schlofstéierungen
6 Rotschléi fir e gesonde Schlof



## *2. Lauschtert de Reportage nach eemol, Partie fir Partie. Schreift Stéchwierder zu de verschiddenen Theemen op a vergläicht duerno mat Ärem Noper.* *117-123*

*Zum Beispill:*

1. Aleedung: Schlofproblemer, Rotschléi, Tipps an Tricken
2. Grënn fir Schlofproblemer: vill Gedanken, Angscht, gesondheetlech Problemer, Handy
3. Marché vun Aschlofhëllefen: Ëmsaz un 30 Milliarden Euro, extra Këssen, Loftbefiichter, Klangmaschinnen, Appen
4. europäesch Statistiken: a Polen een Drëttel, an Däitschland ee Véierel, an Italien an Dänemark just 16,6 Prozent mat Schlofproblemer: Etüd mat ronn 54.000 Erwuessene vu 50 Joer un
5. déi verschidde Schlofstéierungen: d'Insomnie, also déi chronesch An- an Duerchschlofstéierung; Schlofapnéeën, also wann den Otem am Schlof aussetzt; Syndrom vun den „onrouege Been" oder „restless legs"
6. Rotschléi fir e gesonde Schlof: ëmmer zur selwechter Zäit schlofe goen, rouegt Schlofzëmmer, däischter an net ze waarm, Schlofritualer
   Schlecht ass zum Beispill: Sport dreiwen a schwéier iesse kuerz virum Schlofegoen; Kaffi, Téi, Alkohol an Nikotin
7. Conclusioun: wëssenschaftlech ass näischt bewisen; jidderee muss fir sech erausfannen, wat am beschten ass

## *3. Maacht mat Hëllef vun de Stéchwierder e klenge Resumé vum Reportage.*

*Zum Beispill:*

Am Reportage geet et ëm Schlofproblemer, firwat ee se huet a wat een dogéint ka maachen.
Dacks kënnen d'Leit net schlofen, well se ze vill nodenken oder Ängschten hunn. Och gesondheetlech Problemer kënnen de Grond sinn. Op den Handy kucke virum Schlofegoen ass och net gutt.
De Marché fir d'Schlofhëllefen ass immens grouss. En huet an Europa en Ëmsaz vun ongeféier 30 Milliarden Euro. Op deem Marché kann ee vill fannen, zum Beispill extra Këssen, Loftbefiichter, Klangmaschinnen, Appen asw.
Europäesch Statistike weisen, datt a verschiddenen europäesche Länner d'Leit méi Problemer mam Schlof hu wéi an aneren.
Et gëtt och vill verschidde Schlofstéierungen (zum Beispill Net-Duerchschlofe-Kënnen oder och onroueg Been).
Et gëtt awer och vill gutt Rotschléi, fir besser ze schlofen: Ritualer, roueg Plazen an oppassen, wat een ësst oder drénkt.
Wat wierklech hëlleft, ass net wëssenschaftlech bewisen.

## *4. Liest den Text an äntwert op d'Froen.*

1. Wéi vill Leit ongeféier hunn zu Lëtzebuerg e Problem mam Schlofen?
   **En Drëttel bis e Véierel vun der Bevëlkerung leiden u Schlofstéierungen.**

2. Wat fir Zorte vu Schlofproblemer ginn et?
   **Schnaarchen, Schlofwandelen a Schlofapnéeën, awer och, wann een net aschlofen oder duerchschlofe kann, wann een ze vill schléift oder wann ee matzen am Dag mol einfach esou aschléift.**

3. Wat sinn d'Ursaache vu Schlofproblemer?
   **Ze vill Kaffi oder Alkohol, schwéiert Iessen, ze vill un d'Aarbecht denken oder iwwert aner Problemer brucke kënne Schlofproblemer verursaachen. Et kann awer och eventuell e Symptom vun enger Krankheet sinn.**

4. Wéini sollt ee sech an engem Schloflabo ënnersiche loossen?
   **Wann eng Therapie net wierkt oder wann d'Schlofstéierunge sech ze staark op den Dagesoflaf auswierken, kann ee sech an engem Schloflabo ënnersiche loossen.**

5. Wat gëtt an engem Schloflabo gemaach?
   **Dat ass e spezielle Service an enger Klinick mat isoléierten Zëmmeren, wou all d'Parameteren, déi mam Schlof ze dinn hunn, gemooss an opgeholl kënne ginn. Speziell ginn d'Gehier, d'Häerz, d'Otemweeër an d'Muskele kontrolléiert.**